Lëtzebuerger
duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

„1, 2, 3, lass..."

Si ass eriwwer, d'Summerzäit an d'Summervakanz. Fir dausende vu Schüler am Primaire a Postprimaire – entschëllegt déi al Uried, dir wësst wat gemengt ass – huet den Eescht vum Liewen erëm ugefaang. D'Schoulhäff fëllen sech erëm mat Kanner an och am Rescht vun der Gesellschaft huet den Alldag op en Neits ugefaang: an der Politik, an Entreprisen, etc. Am kierchleche Beräich ass et en neit Pastoraljoer dat agelaut gouf. Den Alldagsrhythmus gräift ëm sech an et steet erëm esou munch Neies um Programm.

Dës Rentrée ass awer fir vill Chrëschten eng Besonnesch. An enger Rei vu Poren an och op Bistumsniveau ginn et struktur-ell a personell Veränneru-ngen. Veränneru-nge maachen oft Angscht. Et entsteet eng Ongewëssheet, et stellt een sech d'Fro: wéi wäert et weidergoe wann ech eppes Gewinntes lassloossen? An dach, Veränneru-nge sinn néideg. Se sinn néideg fir datt mer net op engem Punkt stoe bleiwen, mä datt mer kënne wuessen, am perséinleche Glawen, an eiser Aarbecht an och als Communautéit.

Si vereenzelt Pore virun e puer Joer zu Porverbänn zesummegeluecht ginn, sou sinn et elo d'Porverbänn selwer, déi lues a lues ëmmer méi enk zesummeschaffe wäerten. Grouss Unitéite mat laangen Aufgabelëschten entstinn an et ass kloer, dat do d'Teamaarbecht ëmmer méi wichteg gëtt! Mä awer net nëmmen déi Haaptamtlech sinn opgeruff, fir zesummen ze schaffen, mä fir all Chrëscht heescht et ze erkennen, wéi wichteg et ass, e gemeinsame Wee ze goen.

Mir all sinn eng chrëschtlech Gemeinschaft an duerch déi strukturell Veränneru-ngen (déi ënnert anerem bedéngt sinn, well et net genuch Priister, Diakonen an haaptamtlech Laie ginn) gi mer wakreg gemeet an opgeruff, Grenzen ze iwwerwannen.

Mir mussen äis Jesus Christus als Virbild huelen a mat genau deene Wierder bieden, mat deenen de Jesus Säi Wonsch ausgedréckt huet: „denn sie sollen eins sein, wie wir eins sind, ich in ihnen und du in mir. So sollen sie vollendet sein in der Einheit..." (cf. Joh 17, 22-23).

Ech wëll awer iwwert dëse Wee net nëmme Kierchepolitik bedreiwen. Déi Gedanke kann een – esou mengen ech – fir all Situatioun vun eisem Liewen uwenden. Al Weeër verloossen an Neies woen, dëst ass z. B. wichteg, wann sech zwee Mënschen dozou entscheeden e gemeinsame Wee am Mariage ze goen. Och an der Aarbechtswelt ass et gesond emol stoen ze bleiwen, dat, wat ee bis elo geschafft huet ze reflektéieren an ze iwwerleeën, ob een sech an déi richteg Direktioun beweegt oder ob een de Parcours ënnerbrieche muss an sech nei orientéiere soll.

Wa mir als Chrëschten opgeruff sinn eist Liewe Gott unzevertrauen, da wëll dat soen, datt mir berouegt eise Wee goe kënnen – dat op privatem, berufflechem a spirituellem Niveau – well et Gott ass, deen äis de Wee weist, e Wee, dee vläicht net ëmmer mat deem iwwerenee stëmmt, wat mir mengen a geplangt hunn. Gott ass eise Papp an deementspriechend suergt en sech ëm äis, also musse mir oppe sinn an äis leede loossen.

An deem Sënn wënschen ech äis all e glécklecht neit Aarbechtsjoer. Loosse mer äis net decouragéieren, versiche mer zesummen ze schaffen! Pake mer et un, loosse mer äis vum Hl. Geescht leeden a sëtze mer eist Vertrauen a Gott! Da brauche mer keng Angscht ze hunn a mer däerfe berouegt lassloosse fir nei Weeër ze woen.

Abbé Romain Richer

Jongbaueren a Jongwënzer/Landjugend 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu – Tél. 44743-252 – Fax: 44743-563 – E-mail: landju@pt.lu
CCPLLULL: LU12 1111 0040 0831 0000 – Joërescotisatioun: 12€

9/2012
September

Landwirtschaftsmesse Ettelbrück 2012

„Und wie kommt das Eiweiß ins Ei?"

Vom 29. Juni bis zum 1. Juli 2012 stand Ettelbrück wieder ganz im Zeichen der Foire Agricole. Die Ökologische Landwirtschaftsberatung war ebenfalls vertreten, informierte über aktuelle Projekte wie die Eiweißstrategie und gab anlässlich des 25. Jubiläums einen Rückblick zu den bisherigen Aktivitäten. In einem offiziellen Festakt

Anlässlich des 25. Jubiläums der ökologischen Landwirtschaftsberatung begrüßten die Minister Romain Schneider und Marco Schanck die weitere gemeinsame Initiative der LJB&JW und des Oeko-Zenter Lëtzebuerg im Hinblick auf eine nachhaltige Landwirtschaft in Luxemburg

am Sonntag (1. Juli) wurden vergangene und laufende Projekte, ehemalige und aktuelle Berater sowie politische, Naturschutz- und landwirtschaftliche Vertreter zusammengeführt. Das Resümee; Die Herausforderung der Gegenwart ist es zukünftig die erfolgreiche Zusammenarbeit aller Interessensgemeinschaften weiterzuführen, mit dem Ziel eine nachhaltige Landwirtschaft in Luxemburg zu etablieren. Neben einer kompetenten Beratungsoffensive zählen hierzu vor allem innovative Pilotprojekte, wie der Soja-GPS-Versuch der derzeit auf dem Versuchsfeld in Everlange durchgeführt wird.

Begeisterte Schulkinder an der Ölpresse auf dem Messestand

Hauptthema am Stand war das aktuelle Projekt „Nationale Eiweißstrategie". Die globalen Strukturen einer industrialisierten Eiweißfuttermittelproduktion Verbrauchern und insbesondere Kindern näher zu bringen war eine echte Herausforderung. Hierzu haben wir am Stand verschiedene Stationen aufgebaut. Mit Sonnenblumenkernen und einer Ölpresse wurde zunächst einmal geklärt, was ein Presskuchen und damit das Ausgangsmaterial für Soja- oder Rapsextraktionsschrot ist. Den Sonnenblumenpresskuchen haben die Kinder mit großen Eifer selbst verkostet und das gepresste Öl durften sie in kleinen Fläschchen mit nach Hause nehmen. Von der Ölpresse ging es zu einem Modell, eine Weltkarte auf der Fäden gespannt wurden mit denen das globale Geflecht des Sojaweltmarktes sichtbar wurde. Sojaanbau in Brasilien, Transport via Frachtschiff, vom europäischen Futtermittelimport bis hin zum Fleischexport nach China, alle Stationen wurden mit kleinen Bildern verdeutlicht. Nach der Weltkarte ging es zu einem Poster, das zeigte welche Folgen der Sojaanbau in Südamerika hat. Neben der Regenwaldrodung zwecks Gewinnung von Sojaanbaufläche, den Enteignungen von Kleinbauern und der Pestizidbelastung wurde auch der Anbau gentechnisch manipulierter Sojapflanzen besprochen. Hierzu wurde auf dem Stand auch ein Film: „Vergiftetes Land – Die Folgen des Sojaanbaus" in Dauerschleife gezeigt: http://www.feedingfactoryfarms.org/index.php?id=49

Begeisterte Schulkinder an der Ölpresse auf dem Messestand

Insbesondere die Regenwaldzerstörung war für die Kinder ein wichtiges Thema von dem einige schon ausführlich zu berichten wussten. Dem Problem bewusst widmeten wir uns den Alternativen, also den einheimischen Eiweißpflanzen wie Klee und Luzerne aber auch Sonnenblume und Raps, die im Original ausgestellt waren. Auch nicht schlecht staunten Landwirte, Verbraucher und Kinder über eine Sojapflanze vom Versuchsfeld Everlange, die sich in bester Form präsentierte. Am Ende war für alle klar, der regionale Anbau von Eiweißpflanzen ist möglich, ökologisch sinnvoll und sozial gerecht.

Katharina David

Ökologische Landwirtschaftsberaterin

25 Joer Landwirtschaftsberodung – Oeko-Zenter Lëtzebuerg a.s.b.l. – Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.

Pionnéier mat Wäitsiicht

Usprooch vum Jeff Boonen, Nationalpresident vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer

Léif Éiregäscht,
Léif Kollegen vum Oeko-Zenter,
Léif Memberen a Frënn vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer,
Dir Dammen an Dir Hären,

Et ass fir mech eng grouss Éier, lech de Moien als Nationalpresident vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer hei op eisem Stand op der Foire Agricole ze begréissen, fir de 25. Anniversaire vun der Ekologischer Landwirtschaftsberodung ze feieren.

Et ass e flotten Anniversaire, dee mir op dëser Plaz hei zu Ettelbréck feieren: Mir als Jugend- a Bauerenorganisatioun schaffen elo scho 25 Joer gutt mat enger Emweltorganisatioun zesummen. Wahrscheinlich hat deemols keen am Bauerenmilieu geduecht, dass déi Zesummenaarbecht esou laang géif bestoe bleiwen. Haut ass den Emweltschutz an der Landwirtschaft net méi ewech ze denken. Et gesäit een, datt d'Pionéier vun der Ekologischer Landwirtschaftsberodung deemols schonn dat richtegt d'Gespier haten, fir dat, wat nach haut an der Landwirtschaft gebraucht gëtt.

Ech wëll dofir - virun allem - menge Virgänger an hire Komiteesmemberen e grousse Merci soen. Si waren déi, déi zesumme mat de Membere vum Oeko-Zenter, de Wee vun der Zesummenaarbicht gaange sinn an all eis Beroder encadréiert hunn. Et ass bestëmmt – genau esou wéi haut – oft vill diskutéiert ginn, mee et konnten ëmmer Kompromisser fonnt ginn.

Fir äis d'Jongbaueren gëtt et verschidden Elementer, déi immens wichteg an dëser Zesummenaarbecht sinn. Iwwert den intensiven Kontakt mat de Leit vum Oeko-Zenter erreechen mir e kritesche Konsument, deem mir erkläre kënnen, wéi et op eise Betriber leeft an datt net alles vun haut op muer geännert ka ginn. Et ass awer och flott, datt si äis am Dialog matdeelen, wéi si sech d'Landwirtschaft virstellen.

Duerch d'Liberaliséiere vun den Agrarmäert an de leschte Joeren ass de finanziellen Drock an den Betriber geklommen. De Schratt fir méi Naturschutz unzegoen, gëtt oft als schwiereg vun de Betribsleeder ugesinn. Grad dofir ass et wichtig, datt mir de Bauere verschidden nei Weeër iwwert dës Berodung opweisen an Iwwerzeegungaarbecht leeschte kënnen.

Zënter dem 1. Abrëll 2012 hu mir eng nei Landwirtschaftsberoderin an der Persoun vun der Madame Katharina David. No dem Diskussiounsprozess vum leschte Joer, hu béid Organisatiounen sech dofir ausgeschwat fir eis Landwirtschaft méi regional ze gestalten. Fir dësem Zil méi no ze kommen, schafft d'Katharina elo un zwee Haaptprojeten: Deen éischten betrëfft d'Eiweiss-Autonomie, déi an Betriber ausgebaut soll ginn, fir der massiver Importatioun vum Soja aus Amerika entgéint ze wierken. Am zweete Projet geet et drëm, fir d'Schoukantinen aus verschiddene SICONAS-Gemengen beim Asaz vu regionale Produkter ze begleeden.

D'Katharina wäert lech elo gläich en detailléierten Abléck an hir aktuell Aarbechte ginn.

Erlaabt mir awer nach e puer Merci ausdrécken. Deen éischten Merci geet un d'Equipe vum Versuchsfeld vun Iewerleng, mat där dee jeweilege Landwirtschaftsberoder ëmmer gutt zesumme geschafft huet. Zu Iewerleng ass ëmmer probéiert ginn, fir innovativ Feldversich ze maachen. Iwwert dëse Wee konnt deen een oder aaneren iwwerzeecht ginn, fir eng nei Kultur a sengem Betrib unzebauen.

Da geet natierlech e Merci un all déi Baueren, déi bereet waren, fir mat der Landwirtschaftsberodung zesummen ze schaffen a nei Weeër ze goen, och wann déi sech net ëmmer als finanziell rentabel erwisen hunn.

E grousse Merci geet vu mir aus och un de Landwirtschaftsministär, deen dës Berodung all Joer finanziell ënnerstëtzt. Den Här Minister Romain Schneider a seng Virgänger hunn eis Zesummenaarbecht ni a Fro gestallt an haten ëmmer en opent Ouer fir eis Uleies. Mir géifen äis freeën, wa mir och nach déi nächst 25 Joer op hir Ënnerstëtzung ziele kënnten. Well, wann een d'Reformvirschléi vun der Agrarpolitik kuckt, da gesäit een, datt mir déi nei Ziler ganz kloer mat eise bescheidene Mëttele verfollegen.

Ech soen lech Merci!

Déi zoustänneg Ministeren hunn sech et net entgoe gelooss fir beim 25. Anniversaire vun der ekologescher Landwirtschaftsberodung präsent ze sinn

Ökologische Landwirtschaftsberatung

Soja-GPS-Versuch auf dem Versuchsfeld in Everlange

Soja-Versuchsfeld

Importiertes Soja deckt zu 80 % den europäischen Bedarf an Eiweißfuttermitteln und gilt mittlerweile als fester Bestandteil in der Eiweißversorgung europäischer Schweine, Hühner und Wiederkäuer. Als Ölfrucht wird die Sojabohne vor allem zur Gewinnung von Speise- und Industrieölen angebaut. Aus dem Öl wird unter anderem Sojalecithin gewonnen, ein Emulgator, der es ermöglicht Fett mit Wasser zu verbinden und z.B. in Margarine, Schokolade oder Backwaren verwendet wird. Industriell wird das Sojaöl als Schmierfett oder zur Biodieselproduktion eingesetzt. Hergestellt wird das Öl durch Pressen der Sojabohne (Ölgehalt 15-20%). Übrig bleibt der sogenannte Presskuchen, der 40 – 50% Rohprotein enthält und als Eiweißfuttermittel eingesetzt wird. Da die Bohne und folglich auch der Presskuchen verdauungshemmende Stoffe, sogenannte Antinutritiva, enthält, werden sie wärmebehandelt, „getoastet" um größere Mengen verfüttern zu können und damit eine höhere Proteinkonzentration in der Futterration zu erreichen. Die Sojabohne kann also doppelt genutzt werden (Öl- und Eiweißfutterproduktion) und enthält viel Eiweiß, das sich durch eine besonders hochwertige Qualität (optimales Verhältnis essentieller Aminosäuren) auszeichnet. Der Großteil des Futtermittelsoja (ca. 90%) stammt von gentechnisch veränderten Sojapflanzen.

Soja-Einzelpflanze

Pflanzenbaulich bietet die Sojapflanze als Körnerleguminose Einsparpotentiale beim Einsatz schnelllöslicher Stickstoffdünger, hat einen guten Vorfruchtwert und eignet sich daher hervorragend zur Erweiterung der Fruchtfolge. In den letzten Jahren wird Soja verstärkt in Europa angebaut, vor allem um die Nachfrage nach GVO-freier Ware für Lebens- und Futtermittel bedienen zu können. Dabei wandert die Anbaufläche stetig Richtung Norden und auch immer öfter in Mittelgebirgslagen. In Luxemburg wird seit rund 5 Jahren mit dem Anbau von Soja experimentiert. Die erste Sortenempfehlung soll 2013 erscheinen. Die Option der Ganz-Pflanzen-Silage (GPS) wurde bisher kaum betrachtet (letzte Literaturquellen stammen aus den 80gern). Hauptgrund hierfür wird sein, dass auf diese Weise kein Öl produziert werden kann, die Doppelnutzung also wegfällt und einzig Tierfutter in Form von Silage geerntet wird. Für den Soja-Anbau in Mittel- bzw. Nord-Europa kann die Nutzung als GPS jedoch aus folgenden Gründen interessant sein:

1. Die bisherigen Versuche zeigen, dass nur sehr früh abgreifende Sorten für den Anbau in Luxemburg in Frage kommen (Reifegruppe 000 oder 0000). Es gibt aber immer wieder Jahre, in denen die feuchte Witterung im Frühjahr eine zeitige Aussaat (Mitte April) erschwert und kühle Sommer zu unterdurchschnittlichen Wärmesummen führen. Dies zeichnet sich auch für das Vegetationsjahr 2012 ab. Was also, wenn die Bohne trotz entsprechender Sortenwahl nicht reif wird? Lässt sich dann die ganze Pflanze silieren (=GPS)?
2. In den vergangenen Versuchsjahren hat sich gezeigt, dass spätere Sorten (Reifegruppe 0 bis 00) deutlich mehr Biomasse bilden, allerdings war zur Ernte (Oktober) der Feuchtegehalt der Bohnen zu hoch (>20%), sprich die Bohnen nicht reif. Die GPS-Nutzung könnte die Nutzung spätreifer Sorten interessant machen und über den hohen Biomasseertrag die Proteinproduktion in dt/ha steigern.
3. Es gibt Anzeichen dafür, dass die Antinutritiva vor allem in den Bohnen konzentriert, weniger im Kraut auftreten. Man könnte durch die Ernte der gesamten Pflanze also ggf. einen Verdünnungsprozess herbeiführen. Lassen sich größere Mengen roher Sojapflanzen verfüttern, bei gleichzeitig hohen Proteingehalten in der Silage, können Kosten zur thermischen Aufbereitung eingespart werden.
4. Bei vergleichbar hoher Proteinqualität (Aminosäurenmuster) könnten Silage-Pellets als strukturreiches Futtermittel z.B. in der Sauenhaltung eingesetzt werden.

Versuchsfeldbegehung in Everlange

Auf dem Versuchsfeld zu Everlange hat die ökologische Landwirtschaftsberatung 2012 einen Soja-GPS-Versuch angelegt, um diesen Fragen nachzugehen. Auf einer Fläche von 600 qm wurden 3 Varianten einer Sorte der Reifegruppe 0 und 2 Varianten einer Sorte der Reifegruppe 1 angelegt. Aufgrund der Witterung konnte die Aussaat erst am 18.05.2012 erfolgen mit einer Saatstärke von 67 Körnern/ qm. Dabei wurden 2 Reihenabstände (12,5 cm und 37,5 cm) angelegt. Aufgrund der guten Versorgung mit Kalium und Phosphor (Bodenprobengehaltsklasse D) wurde gänzlich auf Düngung verzichtet. In direkter Nachbarschaft liegt der Soja-Versuch des LTA Ettelbrück indem die spät reife Sorte Merlin (Reifegruppe 000) zu verschiedenen Terminen und mit unterschiedlichem Reihenabstand angelegt wurde. Reifegruppenunterschiede können daher gut im direkten Vergleich festgestellt werden.

Bislang sind die frühen Sorten den späteren deutlich voraus. Am schlechtesten steht die Sorte mit der Reifegruppe 1 da. Damit haben sich bislang die Erfahrungen der letzten Jahre nicht bestätigt, was insbesondere an der feucht-kühlen Witterung und dem späten Aussaattermin liegen kann. Je nach Witterung kann es aber im Juli, August und September noch zu einem kompensatorischen Wachstum kommen, sodass die Pflanzen den Rückstand schnell wieder aufholen. Bemerkenswert ist auch der hohe Unkrautdruck (vor allem Kamille und Gräser) der sich dieses Jahr auch auf vielen Praxisflächen deutlich zeigt. So werden nebenbei Pflanzenschutzmaßnahmen erprobt.

Neben den beschriebenen Sorten ist geplant von den frühreifen Sorten aus dem Sortenversuch des LTA Proben zu ziehen und diese ebenfalls zu silieren um ggf. auftretende Sortenunterschiede z.B. in der Konzentration antinutritiver Stoffe festzustellen. Darüber hinaus werden verschiedene Silierungsverfahren (mit und ohne Siliermittel, mit Gräsern) getestet, um eine allgemeine Aussagen über die Silierbarkeit bzw. Empfehlungen zur Silierung des proteinreichen Materials formulieren zu können.

Katharina David
Ökologische Landwirtschaftsberaterin

Grupp Zuucht

Concours National des Génisses & 16. Concours du Meilleur Jeune Présentateur

Am Kader vun der dësjäreger Foire Agricole huet de Grupp Zuucht vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer e Sonndeg, den 1. Juli 2012, op de Concours National des Génisses an de 16. Concours du Meilleur Jeune Présentateur invitéiert. Eng ganz Rei Jonker hu vun der Geleeënheet profitéiert, fir hir Béischten engem Riichter am CONVIS-Zelt ze presentéieren an hirt Kënnen ënner Bewäis ze stellen. Eis Lieser fannen hei d'Klassementer vun deene respektive Concoursen.

Concours National des Génisses

Grupp A

1. Nico Antony-De Fouw, Beaufort
2. Carlo Bosseler, Tom Loutsch & Laure Scholtus
3. Paul Mathay, Flebour
4. Carlo Bosseler, Limpach
5. Weis Frères & Schuh, Colpach-Bas
6. Michel Neser, Hamiville
7. Thein & Elsen, Goeblange
8. André & René Laugs, Kalkesbach

Grupp B

1. Carlo Bosseler, Tom Loutsch & Laure Scholtus
2. Carlo Bosseler, Limpach
3. Carlo Bosseler, Limpach
4. René Warmerdam, Mecher
5. Nico Antony-De Fouw, Beaufort
6. Jean-Paul Flammang, Goesdorf
7. René Warmerdam, Mecher
8. Thein & Elsen, Goeblange
9. Jean-Paul Flammang, Goesdorf

Grupp C

1. Carlo Bosseler, Limpach
2. Michel Neser, Hamiville
3. Carlo Bosseler, Limpach
4. Michel Neser, Hamiville
5. Michel Neser, Hamiville
6. Nico Antony-De Fouw, Beaufort
7. Gaby & Paul Mathes, Niederanven
8. Laurent Frantz, Roeser
9. Pascal Vaessen, Vianden
10. Pascal Vaessen, Vianden

Grupp D

1. Jean-Paul Flammang, Goesdorf
2. Jean-Paul Flammang, Goesdorf
3. Jean-Paul Flammang, Goesdorf
4. Jean-Paul Flammang, Goesdorf
5. Gaby & Paul Mathes, Niederanven
6. Gaby & Paul Mathes, Niederanven
7. Claude Vaessen, Fischbach
8. Gaby & Paul Mathes, Niederanven
9. Weis Frères & Schuh, Colpach-Bas
10. Claude Vaessen, Fischbach
11. Marc Vaessen-Bastin, Weiler/Puetscheid

*De **Grupp Zuucht** vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer invitéiert ganz häerzlech op den*

30. Concours du Meilleur Juge

e Samschdeg, den 10. November 2012 um 20:00 Auer

um landwirtschaftleche Betrib Mathieu Van Laar
64, beim Schlass, L-9774 Ischpelt (Urspelt)

D'Detailer an de Programm vum 30. CMJ ginn am Virfeld vun der Manifestatioun am Lëtzebuerger Duerf an ënner www.jongbaueren.lu publizéiert.

Grand Champion:	Carlo Bosseler, Tom Loutsch & Laure Scholtus
Reserve:	Jean-Paul Flammang, Goesdorf
Honorable Mention:	Nico Antony-De Fouw, Beaufort

Concours du Meilleur Jeune Présentateur

Grupp A

1. Marylène Weis, Colpach-Bas
2. Nadine Antony, Beaufort
3. Lilli Christophory, Limpach
4. Charel Neser, Hamiville
5. Robin Antony, Beaufort
6. Clothy Christophory, Limpach
7. Charel Laugs, Consdorf

Grupp B

1. Lisa Besch, Limpach
2. Lena Flammang, Goesdorf
3. Andy Weis, Colpach-Bas
4. Jenny Daubenfeld, Gralingen
5. Nora Flammang, Goesdorf
6. Laurent Laugs, Consdorf
7. Max Warmerdam, Mecher
8. John Feinen, Crautem

Grupp C

1. Eric Schroeder
2. Fränk Arendt, Niederwampach
3. Pierre Laugs, Consdorf
4. Ben Schleich, Lannen
5. Jim Kirsch, Ermsdorf
6. Patrick Engelen, Troine
7. Charel Pint, Biwisch
8. Jeff Beck, Oberdonven
9. Pascal Mersch, Dahl
10. Jean Thomas, Kleinbettingen

Grupp D

1. Sara Bosseler, Limpach
2. Joé Schweigen, Hupperdange
3. Laure Scholtus, Redange
4. Xavier Reif, Leithum
5. Liz Besenius, Nocher
6. Stephanie Alves, Limpach
7. Lynn Jacobs, Doennange
8. Pit Zeimes, Schuttrange
9. Pol Mousel, Goesdorf
10. Yannick Braun, Bettange/Mess
11. Catherine Schmit, Stegen
12. Gerry Blum, Hoscheid-Dickt

Gewënner vun den 8 bis 17-järegen:
Lisa Besch, Limpach

Gewënner vun den 18 bis 25-järegen:
Sara Bosseler, Limpach

De Verantworleche vu CONVIS, dem Riichter Lee Simanten an den implizéierte Membere vum Grupp Zuucht soe mir e grousse Merci fir hir wäertvoll Ënnerstëtzung a Mataarbecht!

CONCOURS DU MEILLEUR JEUNE PRESENTATEUR 2012

Eis Sponsoren

Abattoir Ettelbruck, Ettelbruck
BAKO-Bauere Koperativ, Mertzig
Banque Raiffeisen, Luxembourg
Barenbrug Luxembourg S.A., Ingeldorf
Cloos et Kraus (Anc. Ets.), Roost
Convis, Ettelbruck
Ets. Guy Schuh, Colpach-Bas
Felten Frères et Fils Sàrl, Weicherdange
I.B.B. Baugesellschaft, Fischbach
Kerger S.A., Bissen
Les Domaines de Vinsmoselle, Remich
LSG – Luxemburger Saatbaugenossenschaft, Mersch
Melk-Zenter S.A., Angelsberg
Nordparts – Pol Binsfeld, Feulen
PROCOLA, Weiswampach
Schaumann Agri International GmbH, D-Pinneberg
VERSIS S.A., Luxembourg

De ***Grupp Zuucht*** vun de ***Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer*** dréckt alle Sponsoren e grousse Merci aus, fir hir generéis Ënnerstëtzung vum dësjärege CMJP!

Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

Ënnerstëtzung vun der Kooperatiounsaarbecht an Afrika

Bei Geleeënheet vun hirer Hochzäit hunn d'**Joëlle Kirschten** an de **Jeff Boonen**, President vun de LJB&JW, der ONG e generéisen Don fir d'Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika zoukomme gelooss. Der symphathescher jonker Koppel dréckt de Verwaltungsrot säi grousse Merci aus a wënscht hir all Guddes op hirem gemeinsame Liewenswee.

De Familljen vun de verstuerwenen Hären **Remy Speltz** vu Greiweldeng, **Marco Clemes** vu Biergem a **Emile Olinger** vum Heinenhaff dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG säi chrëschtlecht Bäileed aus. Si hunn an hirer déiwer Trauer duerch hir generéis Donen en Zeeche vun Hoffnung fir mannerbemëttelt Bauerefamilljen am Burkina Faso gesat.

Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

D'Abbéë Léon Kirsch a Leo Wagener zu Éirepresidenten ernannt

An der Reunioun vum Conseil d'administration vun der ONG vum 15. Mee 2012 goufen den ***Abbé Leo Wagener*** a säi Virgänger, den ***Abbé Léon Kirsch*** eestëmmeg zu Éirepresidenten vun der ONG ernannt.

Mat dëser Ernennung drécken d'Membere vum CA deene fréiere Presidenten vun der ONG hir grouss Unerkennung aus, fir d'Aarbecht an d'Verantwortung, déi si iwwer Jorzéngten am Intressi vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer an Afrika gedroen hunn. Si hunn allebéid – mat grousser Kompetenz an Ausdauer – d'Kontinuitéit vum Engagement fir déi mannerbemëttelt Landbevëlkerung an Afrika assuréiert.

Den Abbé Léon Kirsch huet d'Presidentschaft vun der ONG zënter der offizieller Konstitutioun vun der A.s.b.l. „Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Tiers-Monde" (haut: Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.), den 9. Dezember 1984 bis an d'Joer 1991 gedroen. Et muss allerdings ervirgehuewe ginn, datt hien d'Entwécklungshëllef vun de LJB&JW scho vill Jore virdrun a senger Fonktioun als Nationalaumônier vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer an Zesummenaarbecht mat sengem Virgänger, dem Pater Henri Spoden s.j., geleet huet.

Den Abbé Leo Wagener huet d'Successioun un der Spëtzt vun der ONG am Joer 1991 iwwerholl an huet d'Fonktioun vum President de 27. Mäerz 2012 – an der Generalversammlung vun der ONG – un den Abbé Romain Richer ofgetrueden.

JMJ 2013 – Journées Mondiales de la Jeunesse zu Rio de Janeiro

„Geht zu allen Völkern, und macht alle Menschen zu meinen Jüngern"

Wat sinn d'JMJ?

1986 huet de Poopst Jean-Paul II. d'Journées Mondiales de la Jeunesse (JMJ) an d'Liewe geruff. All zwee bis dräi Joer sinn déi Jonk vun der ganzer Welt invitéiert, fir op enger Plaz zesummen ze kommen. Déi lescht grouss Treffe waren zu Köln (2005), Sydney (2008) a Madrid (2011). Fir de Summer 2013 invitéiert de Poopst Benoît XVI. déi Jonk op Rio de Janeiro a Brasilien.

Eng Millioun Jonker wäerten sech op de Wee maachen an aus de JMJ e Fest vum Glawen a vun der Freed maachen.

De Programm

De Programm steet nach net bis an de leschten Detail fest. Eenzel Aktivitéiten an och den Datum vun der Rees kënnen nach änneren. Hei awer emol de viraussiichtlechen Oflaf:

14. Juli 2013: Depart fir op Campo Limpo (an der Géigend vu São Paulo)
15. - 18. Juli: Programm zu Campo Limpo mat der Sr. Nelly Boonen
19. - 22. Juli: Journées en diocèse zu Maringá
23. - 28. Juli: Offiziell JMJ zu Rio de Janeiro
29. Juli 2013: Retour op Lëtzebuerg

Lëtzebuerg mécht mat!

Zënter 1997 hélt regelméisseg e Grupp vu Lëtzebuerg un de JMJ deel. Eisem neien Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich ass et e besonnescht Uleies, datt vill Jonker am Summer 2013 mat op Rio ginn. Rio ass wäit an d'Rees gëtt deier. Mee kee Jonke soll aus finanzielle Grënn doheem bleiwen!

Wie ka sech umellen?

- All Jonken tëscht 16 an 30 Joer, deen um Programm vun de JMJ deelhuele wëll.
- Doriwwer eraus sinn natierlech all d'Responsabel, déi e Grupp Jonker begleeden, häerzlech wëllkomm, och wa si scho mi laang jonk sinn.

Mir versiche fir d'Participatioun un de JMJ (mat Rees, Programm, lessen an Openthalt) fir 1.200 Euro unzebidden. Dëse Präis déckt awer bei wäitem net déi tatsächlech Käschten a kann dowéinst och net méi reduzéiert ginn.

Et kascht vill Ustrengungen, fir d'Rees méiglechst ville Jonken zu dësem Präis unzebidden. Dofir gi mir dovun aus, datt déi Leit, déi matginn, sech fir de ganze Programm vun de JMJ interesséieren a sech och bei der Preparatioun engagéieren, andeems si (op d'mannst) un engem Virbereedungs-Weekend deelhuelen. De Programm vun der Preparatioun fënnt een ënner www.jugendpastoral.org.

Mir sinn op d'Generositéit vu ganz ville Leit ugewisen. Maacht Reklamm, fir datt si déi Jonk ënnerstëtzen. Organiséiert Aktivitéiten an Ärem Parverband! Sicht Pätteren a Giedelen, déi lech ënnerstëtzen! Loosst Ärer Phantasie fräie Laf!

Wie jonk Leit ënnerstëtze wëll, déi un de JMJ deelhuelen, kann dat mat engem Don op de CCPL vun der Fondation St. Willibrord, LU14 1111 0786 0030 0000 maachen. Villmools Merci am Viraus!

Weider Informatiounen

... fënns Du um Site vum Centre de Pastorale des Jeunes www.jugendpastoral.org

Hei kanns Du Dech och op der Mailingslëscht vun de JMJ androen. Da gëss Du direkt gewuer, wann et eppes Neits gëtt!

Matgedeelt vum:
Centre de Pastorale des Jeunes
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 Lëtzebuerg
Tel. : 44743 - 215

Hingerissen staunen

Es gibt auf der Welt und in unserm Leben Dinge, die uns überwältigen, so dass wir nur noch hingerissen staunen können. Die Schönheiten der Natur ebenso wie die Werke des Menschen. Das Hochgebirge und die technisch vollendete Schnellzuglokomotive. Die Ähre auf dem Feld und die Sinfonie, gespielt von einem Spitzenorchester. Das Meer und die schier unbegreifliche elektronische Rechenanlage. Die liebliche, beruhigende Landschaft und die elegant gelungene Konstruktion einer Brücke.

Warum staunen wir hier? Weil sich all dies nicht von selbst versteht und weil sich seine Bedeutung auch nicht darin erschöpft, dass es mancherlei Nutzen für uns hat. Es steckt etwas Größeres dahinter, wenn es Dinge gibt, von denen wir hingerissen sind, und wenn den Menschen große Dinge gelingen können. Denn offenbar haben nicht wir alles gemacht, und nicht wir haben uns selbst die Kraft gegeben, große Dinge zuwege zu bringen. Wohin wir auch blicken, wir stehen vor einer Weite, in der unser Auge keinen Haftpunkt mehr findet. Wie genau wir auch fragen, wir finden keine handgreifliche Antwort, wie wir sie sonst bei unseren Fragen gewohnt sind.

Otto Hermann Pesch
in: „Heute Gott erkennen"
(Topos plus, Kevelaer 2012)

Impressum

Herausgabe:
ACML
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 LUXEMBOURG

Verantwortung:
Aktioun:
Jean-Paul Schneider *44743-251*
Fernand Huberty *44743-251*
Duerf:
Romain Richer *44 743-562*
Franz Glodt *44 743-252*

Druck:
Saint-Paul Luxembourg

Erscheinungsdatum:
zehn mal jährlich